# Reewaasser clever notzen

## Eng nohalteg Léisung fir den eegene Gaart an Haushalt

De **Klimawandel** féiert zu méi laangen **Drécheperioden** a wäert zu gewëssen Zäiten am Joer zu **Waassermangel** féieren.

Verfügbart **Reewaasser** fléisst meeschtens **ongenotzt** iwwer eis Kanalisatiounen an d'Flëss.

**Drénkwaasser** gëtt oft fir Zwecker verwent, déi keng héich Waasserqualitéit erfuerderen (**Toilette**, **Bewässerung**, **Botzen**).



Eng einfach Léisung: **de Reewaasserbehälter**

Reewaasser vun eisen **Diecher** opfänken an **notzen**

- Gaardebewässerung
- Kärcher
- Toilette spullen
- ...

✔ **Reewaasser** als Ressource fir d'Zukunft notzen

✔ D'**Drénkwaasser** fir e méi héichwäertege Gebrauch notzen


*De Reewaasserbehälter muss un de Kullang ugeschloss ginn. Mee wou gëtt d'Waasser gesammelt? Dës Iddie kënnen dem Awunner hëllefen, eng Entscheedung ze treffen:*

## Dobaussen, iwwert dem Buedem



**Reefaass** = Einfachst a bëllegst Method, geet duer fir d'Blummen ze nätzen.
**Kreativ Ëmnotzungen**: Gebrauchten Uelegbidon, Wäifaass, Amphor ...

## Dobaussen, am Buedem



Ënnerierdesch **Zëttär** aus Plastik oder Bëton ⟶ méi grousse Volume
+ **méiglechen Uschloss** un den Haushalt fir d'Toilette/Wäschmaschinn!

Wichteg ze beuechten: D'Reewaasser, dat fir e Kärcher oder eng Wäschmaschinn genotzt gëtt, muss virdru gefiltert ginn.

## Am Haus / Keller



**Zëttär** aus Plastik oder Bëton, mat **Uschloss un den Haushalt** fir d'Toilette/Wäschmaschinn.

Bei **Neibauprojeten** ⟶ d'Zëttär **direkt** am Bauplang virgesinn (am Keller oder dobaussen am Buedem).

Wichteg ze beuechten: Et däerf keng Verbindung tëschent dem Reewaasser an dem Drénkwaassernetz bestoen (Hygièneschutz).

**Rechtlech Virschrëft:**
Bei ënnerierdeschen Installatiounen dobausse muss eng **Baumeldung oder -geneemegung** bei der Gemeng agereecht ginn.

**Finanziell Hëllef:**
Vergiess net, déi vum Staat oder vun der Gemeng ugebuedene **Subventioune** fir d'Sammele vum Reewaasser ze notzen.

**Méi Informatiounen**

*D'Waasser ass eis wichtegst Ressource. All Dréps zielt!*

GEMENG SCHËFFLENG

EbL